N°8094
Entrée le 20.06.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.06.2023

Här Fernand Etgen
President vun der Chambre
des Députés

Lëtzebuerg, den 19. Juni 2023

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch weider ze leeden.

An der Äntwert op di parlamentaresch Fro n°7889 vum 17. Abrëll 2023 ass d'Madamm Ëmweltministesch op de potenziellen Tosch vu Staatsfläche mat ënnert anerem der *natur&ëmwelt Fondation Hëllef fir d'Natur* agaangen.

An dësem Kontext géif ech gäre weider folgend Froen un d'Ministesch stellen:

1. Ginn d'Bäihëllefen déi de Staat fir den Opkaf duerch *natur&ëmwelt Fondation Hëllef fir d'Natur* ausgeschott huet fir déi Flächen déi concernéiert wieren an zum Tosch stéingen nees un de Staat zeréck?
2. Ginn d'Flächen 1:1 am Wäert vun de Parzellen ausgetosch? Sinn sou Toschaktioune mat *natur&ëmwelt Fondation Hëllef fir d'Natur* schonns an der Vergaangenheet gemaach ginn? Wat war d'Envergure, d'Konditiounen a d'Modalitéite fir änlech gelagert Toschaktioune vun där Gréisstenuerdnung?
3. Wien war Demandeur fir dëser Operatioun?
4. Hunn schonn aner Fondatiounen, Asbl'en oder gemengnotzlech Organisatioune vun sou Toschaktioune profitéiert? Wann jo, wéi eng?

Här President ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

Martine Hansen

Deputéierten